PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/08/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Konsumenteschutz, Bannenzeg Sécherheet & Wirtschaft weiderzeleeden.

Reegelméisseg verdeele selwer ernannten "Grand Voyanten" oder Guruen kleng faarweg Käertercher an de Bréifkëschten zu Lëtzebuerg. Op dëse Käertercher versprieche dës Guruen eng grouss Unzuel vu Servicer fir verzweiwelte Mënschen mat hiren Alldagsproblemer ze hëllefen. Et gi reegelrecht Wonnerléisunge fir all méiglech Problemer versprach, vun der Kontaktopnam mat verstuerwene Familljemembere bis zu Léisunge fir sexuell Problemer.

Wéi vill Mënsche Gebrauch vun dësem Service maachen, ass onkloer. Kloer ass allerdéngs, dass des "Grands Voyants" eng Aktivitéit ausüben, déi evidenterweis op Profitter ausgeriet ass. Déi Mënschen, déi Gebrauch vun dëse Servicer maache, befannen sech oft a schwieregen emotionale Situatiounen, wou dat rationaalt Denken net ëmmer méiglech ass. Aus Scham trauen sech vill Leit awer dono oft net, Plainte bei der Police wéinst Bedruch ze féieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn déi zoustänneg Minister um Courant vun der Werbung an den Aktivitéiten, déi vun de "Grands Voyants" ugebuede ginn?

2. Sinn d'Aktivitéite vum Grand Voyant konform mat eise Gesetzer, bzw. ass d'Ausübung vun esou Gurusaktivitéiten zu Lëtzebuerg erlaabt?
   - Falls jo, wéi eng Autorisatioun de Commerce besetzen dës Guruen a wéi vill Guruen exerzéieren insgesamt hei zu Lëtzebuerg?
   - Falls nee, goufen et scho Kontrolle vun dëse Guruen?

3. Consideréiert d'Konsumenteschutzministesch dës Aart vu Servicer als Scharlatanerei? Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Werbung fir esou Servicer fir misst ënnerbonne ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange